piraten.lu

N°4553
Entrée le 29.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Zënter dem 6. Juli 2022 mussen nei zougelooss Gefierstypen, an zënter dem 7. Juli 2024 all nei zougelooss Gefierer vun de Kategorië M a N mat engem sougenannten Driver Drowsiness and Attention Warning (DDAW)-System ausgestatt sinn. Fir déi sougenannt Advanced Driver Distraction Warning (ADDW)-Systemer gëllt déi selwecht Verpflichtung ab dem 7. Juli 2024 fir nei Typpen, respektiv ab dem 7. Juli 2026 fir all nei Gefierer. D'Rechtsgrondlag heifir ass d'Veruerdnung (EU) 2019/2144 iwwer d'Typzouloossung vu Gefierer a Bezuch op hir allgemeng Sécherheet (och "General Safety Regulation" oder GSR2 genannt).

Béid Systemer notzen ënner anerem eng op de Chauffer geriichte Kamera, fir de Bléckverlaf, d'Kappositioun oder aner Zeeche vun Onopmierksamkeet respektiv Middegkeet z'erkennen an de Chauffer am Fall vun engem Risiko ze warnen. Zil vun der Reegelung ass et, d'Zuel vun Accidenter ze reduzéieren, déi duerch Middegkeet oder Onopmierksamkeet verursaacht ginn – d'Europäesch Kommissioun schätzt, datt tëscht 10 a 30 Prozent vun den Accidenter an Europa domat ze dinn hunn.

Trotzdeem stellen sech an der Praxis eng Rei Froen. D'Veruerdnung leet keng konkret Späicherdauer fest, an et gëtt op europäeschem Niveau keen onofhängege Kontroll- oder Auditmechanismus, deen iwwerpréift, wat mat dësen Donnéeën tatsächlech geschitt. D'Typzouloossung (réception par type) préift, ob d'Warnung funktionéiert, mee net, wéi mat den Donnéeën ëmgaange gëtt. Doriwwer eraus verhënnert d'Veruerdnung net, datt d'Autoskonstrukteuren op der selwechter Hardware weider Funktiounen ubidden — zum Beispill fir d'Iwwerwaachung vun de Passagéier, fir d'Bewäertung vum Fuerverhalen oder fir Versécherungstelematik — déi net ënnert dës Reegele falen, mee just ënnert d'DSGVO. Fir de Chauffeur

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

ass et vun der Fuerersäit aus net z'erkennen, wéi eng vun deene Funktiounen zu wéi engem Moment aktiv ass. Bei Firmenautoe kënnt derbäi, datt eng op de Chauffeur geriichte Kamera potenziell eng Iwwerwaachungsmoossnam am Sënn vum Artikel L.261-1 vum Code du travail duerstellt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt am Kader vun der Typzouloossung an der technescher Kontroll zu Lëtzebuerg iwwerpréift, datt d'ADDW- an DDAW-Systemer d'Virschrëfte vun der Veruerdnung (EU) 2019/2144 anhalen, besonnesch de Verbuet vum Zougrëff duerch Drëtter an d'Verpflichtung zur direkter Läschung? Gëtt dëse Punkt vun der SNCA oder vun enger anerer Instanz iwwerhaapt kontrolléiert?

2. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Feele vun enger festgeluechter Späicherdauer an enger onofhängeger Kontrollinstanz op EU-Niveau eng Reglementéierungslück duerstellt? Wäert d'Regierung dëse Punkt am Conseil oder bei der Kommissioun upaken?

3. Huet d'CNPD sech scho mat der Ofgrenzung tëscht der reglementéierter ADDW-Funktioun an zousätzlechen, kommerzielle Funktiounen op der selwechter Kamera beschäftegt? Wéi soll e Konsument erkennen, wéi eng vun deenen zwou grad aktiv ass, a wéi kann hien sech géint déi zweet wieren?

4. Kënnen d'Donnéeë vun engem ADDW- oder DDAW-System zu Lëtzebuerg am Kader vun enger strofrechtlecher Enquête, enger zivilrechtlecher Prozedur oder engem Versécherungsfall ugefrot oder verwäert ginn? Wann jo, op wéi enger Rechtsgrondlag, a wéi ass dat mam absolutte Verbuet vum Zougrëff duerch Drëtter vereenbar?

5. Goufen d'Regierung, d'CNPD oder d'SNCA scho vu Versécherungen, Fuerparkbedreiwer oder Autoskonstrukteuren am Zesummenhang mam Zougrëff op dës Donnéeë kontaktéiert?

6. Fält d'Notzung vun engem gesetzlech virgeschriwwenen ADDW-System an engem Firmenauto ënnert den Artikel L.261-1 vum Code du travail, oder gëllt hei d'Ausnam fir eng Iwwerwaachung, déi enger gesetzlecher Verflichtung entspréicht? Gëllt eng aner Bewäertung fir zousätzlech Funktiounen, déi den Employeur selwer aktivéiert oder beim Konstrukteur bestellt?

7. Ass d'Regierung der Meenung, datt eng Informatiouns- oder Sensibiliséierungscampagne néideg ass, fir d'Autofuerer doriwwer opzeklären, datt hiert neit Gefier eng op si geriichte Kamera huet a wéi eng Donnéeë verschafft ginn?

Mat déiwem Respekt,

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés